
## Den DSP, Ären elektroneschen, perséinlechen a gesécherten Gesondheetsdossier



Am Laf vun Ärem Liewen gitt Dir vun verschiddenen Gesondheetsberuffler begleet.



Fir dat dëst Gesondheetsberuffler Är medezinesch Behandlung effizient begleeden a koordinéieren kënnen, brauchen se Är relevant Gesondheetsdonnéeën.



Ären elektroneschen Gesondheetsdossier (DSP) wäert ab elo dëst Informatiounsiwwermëttlung erméiglechen.

### Wat ass eigentlech den DSP?

Den DSP ass Ären elektroneschen, perséinlechen a gesécherten Gesondheetsdossier, deen ënnert Ärer direkter Kontroll ass, a laut Gesetz, gratis zu Ärer Verfügung gestalt gëtt.

Den DSP ëmfaasst relevant Gesondheetsdonnéeën déi fir Äre optimale Behandlung néideg sinn an déi vun den Gesondheetsberuffler, déi Iech als Patient begleeden an vun Iech e Zougrëffsrecht op Ären DSP kritt hunn, agedroën goufen.

Den DSP gëtt Iech zu all Moment en kloren Iwwerbléck iwwert Ären Gesondheetszoustand. Hien erméiglecht et den Gesondheetsberuffler, Ärt medizinescht Encadrement an d'Koordinatioun vun Äre Behandlungen z'optimiséieren. Doduerch dréit hien dozou bäi onnéideg medezinesch Behandlungen ze vermeiden.

Den DSP erméiglecht eng **besser Koordinatioun vun Ären medezineschen Betreiung** zum Gonschten vun Ärer Gesondheet.

## Den DSP, zu Gonschten vun Ärer Gesondheet an am Déngscht vun den Gesondheetsberuffler déi Iech betreien

### Äre Virdeel vum DSP:

- Den DSP zentraliséiert all Är wesentlech Gesondheetsdonnéeën
- Den DSP erliichtert den Echange tëschent Iech an den Gesondheetsberuffler

Dir gitt aktiv an Äre **Gesondheet** bedeelegt, a behaalt **den Iwwerbléck iwwer Zougäng** an iwwer **Zougrëffsrechter**




### Huet Dir nach Froen?

Besicht eisen Portal www.esante.lu an informéiert Iech an der Rubrik "Patientenbereich", wou Dir Informatiounsmaterial an der Form vun Flyeren, Videoen, Gebrauchsuweisung, an Froen & Äntwerten fannen kënnt.


Dir kënnt och eisen méisproochegen Helpdesk kontaktéieren:
per Telefon : (+352) 27 12 50 18 33
oder per Mail: helpdesk@esante.lu

DSP-LU V4.0

## Ären elektroneschen Gesondheetsdossier (DSP)

my DSP
Ma santé au cœur de nos échanges

Entdeckt **dat Wesentlecht** iwwert Ären **elektroneschen, perséinlechen a gesécherten Gesondheetsdossier**




AGENCE eSanté LUXEMBOURG
Agence nationale des informations partagées dans le domaine de la santé
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Agence eSanté G.I.E. / 125, route d'Esch, L-1471 Luxembourg / B.P. 2510, L-1025 Luxembourg
Siège Social : Villa Louvigny - allée Marconi / L-2120 Luxembourg / RCS Lux N° C-69

## Den DSP, Ären elektroneschen, perséinlechen a gesécherten Gesondheetsdossier
## zu Gonschten vun Ärer Gesondheet an am Déngscht vun den Gesondheetsberuffler déi lech als Patient betreien

### Ären DSP :

- zentraliséiert all Gesondheetsdonnéeën déi d'Gesondheetsberuffler, mat Ären Accord, an Ären DSP agedroen hunn wëll si se wichteg fannen fir d'Koordinatioun an d'Kontinuitéit vun der medezinescher Versuergung
- ersetzt op kee Fall d'Patientendossieren deen déi verschidde Gesondheetsberuffler bedreiwen an weiderhin mat hiren Noten betreffend Äre Behandlung aktualiséieren; si wäerten nëmmen déi Donnéeën, déi relevant sinn fir d'Kontinuitéit vun der medezinescher Versuergung, an Ärem DSP androen
- enthält keng Dokumenter bei senger Ouverture; den DSP wärt sech mat der Zäit fëllen, nodeems d'Aktivéierungsprozedur déi am Bréif vun der Agence eSanté explizéiert gëtt, ausgefouert ginn ass

### D'Agence eSanté:

- ass fir d'Sécherheet an de Schutz vun Ären Gesondheetsdonnéeën responsabel, déi an Ärem DSP agedroen sinn
- suergt dofir dat déi néideg, technesch Sécherheetsmesuren agehalen ginn, fir dat een héichtméiglechen Niveau vun Sécherheet an Dateschutz garantéiert ka ginn
- schafft enk mat der nationaler Dateschutzkommissioun a mat dem professionellen Gesondheetswiesen zesummen, fir dat d'Patienterechter an de Schutz vun de perséinlechen Donnéeën garantéiert ginn




### Den Zougank op Ären DSP :

- ass iwwert de Portal www.esante.lu méiglech mëttels Äre perséinlechen an gesécherten Zougankselementer, déi Dir an engem Schreiwen vun der Agence eSanté kritt huet
- ass nëmmen fir lech selwer erlaabt, an fir déi zu Lëtzebuerg autoriséiert Gesondheetsberuffler, déi an Ärem Traitement agebonnen sinn, an déi vun lech en Zougrëffsrecht kritt hunn
- ass noweisbar, well Dir op all Moment d'Méiglechkeet huet fir ze gesinn, wien Zougank hat an wéini
- kann, wann Dir dat wënscht, engem vun lech gewielten "DSP-Assistent" uvertraut ginn, déi identesch Zougrëffsrechter wéi Dir selwer kritt, fir datt hien lech bei der Gestioun vun Ärem DSP begleeden kann

### Är Rechter bezüglech Ären DSP :

- dir huet en Abléck op all Gesondheetsdonnéeën déi do gespäichert goufen
- dir decidéiert wiem Dir Zougrëff op Ärem DSP gitt
- dir kënnt de Vertraulechkeetsgrad vun de verschiddenen Dokumenter definéieren
- dir kënnt perséinlech am "espace privé" vun Ärem DSP Gesondheetsdonnéeën androen
- dir kënnt zu all Moment Ären DSP zoumaachen an nees opmaachen

**Bedeelegt lech aktiv un Ärer Gesondheet,**
**an Zesummenaarbecht mat den Gesondheetsberuffler, déi lech als Patient betreien**